Lëtzebuerger Sprooch a Kultur

–
Formation continue
–

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

FACULTÉ DES LETTRES, DES SCIENCES HUMAINES, DES ARTS ET DES SCIENCES DE L'ÉDUCATION

Formation continue Lëtzebuerger Sprooch a Kultur

Lëtzebuerg ass eng méisproocheg a multikulturell Gesellschaft, an där vill Sproochen niewenteneen existéieren. D'Lëtzebuergesch kritt awer dobäi ëmmer méi eng grouss Roll als Integratiounssprooch.

D'Nofro no Lëtzebuergeschcoursë fir auslännesch Matbierger an domat och no qualifizéierten Enseignantë gëtt méi grouss. D'Formatioun riicht sech un all déi, déi sech gären als Enseignant(e) fir Lëtzebuergesch an der Erwuessenebildung aus- oder weiderbilde loossen.

De Fokus vun der Formation continue Lëtzebuerger Sprooch a Kultur läit op dräi Beräicher: der Friemsproochendidaktik, der Struktur, Grammaire an Orthographie vum Lëtzebuergeschen, an op der Lëtzebuerger Literatur a Kultur.

Objectif

Aus- a Weiderbildung vu Léierpersonal, fir Coursen am Beräich „Lëtzebuergesch als Friemsprooch" fir Erwuessener ze halen. Friemsproochendidaktesch Theorien a Methoden, Ausschaffe vun Unterrechtsmaterialien, d'Sproochstruktur vum Lëtzebuergeschen, souwéi eng Aféierung an d'Lëtzebuerger Literatur a Kultur stinn um Programm.

Inhalt

Déi inhaltlech Schwéierpunkte baséieren op linguisteschen, didaktesch-methodeschen a kultur-, literatur- a mediewëssenschaftlechen Aspekter, déi a Modullen organiséiert sinn. Déi eenzel Coursë ginn duerch en Examen oder e Contrôle continu ofgeschloss.

- Sproochsituatioun a Struktur vum Lëtzebuergeschen
  An deem heite Module gi linguistesch Grondlage fir d'Lëtzebuergescht erschafft. D'Beschäftegung mat de sproochleche Strukturen (Phonetik/Phonologie, Schreifweis, Morphologie, Sazbau) steet am Vierdergrond.

- Literatur, Kultur a Medien
  D'Studente léieren déi 3-sproocheg Lëtzebuerger Literatur an d'Lëtzebuerger Literaturgeschicht kennen. E ganz spezielle Fokus gëtt dobäi op Literatur a lëtzebuergescher Sprooch geluecht. Si kréien en Iwwerbléck iwwer d'Lëtzebuerger Kultur an d'Geschicht vun de Lëtzebuerger Medien.

- Friemsproochendidaktik
  An dësem Module gi friemsproochendidaktesch Theorien a Methoden enseignéiert, déi fir den Erwuessenenunterrecht relevant sinn. Dobäi gëtt de Lien zur Praxis an zur spezifescher Situatioun fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch gemaach.

Organisatioun vun de Coursen

D'Coursë vun der Formation continue si vu September bis Juni, ëmmer freides. D'Coursen daueren tëschent 4 a 6 Stonnen a ginn op Lëtzebuergesch gehalen.

Aschreiwung

D'Aschreiwungsfraise sinn 100 € / Semester.

Viraussetzungen, fir ugeholl ze ginn, sinn e Premièresexamen (BAC) an eng mammesproochlech Kompetenz am Lëtzebuergeschen.

D'Kandidate mussen eng schréftlech Demande eraschécke mat engem Motivatiounsbréif op Lëtzebuergesch, an där si hir Kompetenzen, hir Experienz an hir Virstellunge vun der Formatioun presentéieren.

Et gi maximal 20 Kandidaten ugeholl.

Zertifikat

D'Formation continue Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ass säit 2009 duerch e Règlement Grand-Ducal an de Ministère de l'Education unerkannt. Studenten, déi d' Formation continue mat Succès ofschléissen, kréien e Certificat, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze enseignéieren.

Kontakt

Studiendirektesch
Mélanie Wagner
T. +352 / 46 66 44-6271
melanie.wagner@uni.lu

—

Administratioun
Pedro Mendes
T. +352 / 46 66 44-9617
pedro.mendes@uni.lu

© Université du Luxembourg 03/2017 www.uni.lu

Sources Mixtes
Groupe de produits issu de forêts bien gérées et d'autres sources contrôlées.
www.fsc.org Cert no. SGS-COC-004883
© 1996 Forest Stewardship Council
FSC